

Dës Joar eemol anescht!

Ee Joar ouni Maacher Drauwen- a Wäifest. Dat hätt kee geduecht, datt mir dat emol géifen erliewen. Mee leider war et 2020 net anescht méiglech wéi et ausfallen ze loossen.

De Comité des Fêtes war der Meenung et wär keen Optioun d'Fest een zweete Kéier ganz ausfallen ze loossen. Dofir hu mir is ganz vill Gedanke gemat, wéi a wat mir kéinte man, fir Eech, léif Leit, e klee Stéck Normalitéit erëmzeginn. Den 10., 11. an 12. September ass et rëm sou wäit: Et ass Drauwen- a Wäifest an der Muselmetropol. Mir feieren dës Joar dat 71. Fest, e Fest wat anescht wäert sënn, mee

mir hunn e flotte Programm op d'Been gestalt, a mir hoffen Dir feiert mat is. A wat mech perséinlech besonnesch freet ass, datt déi Maacher Veräiner, déi seit Joaren ëmmer um Maacher Wäifest derbäi waren, direkt bereet ware fir sech als Entente zesummen ze doen, fir déi dräi Deeg laang fir Eessen an Drénken ze sorien! Merci, Maacher Pi(n)oten!

Nodeem d'Jessica Bastian an d'Geschicht ageet als déi Lëtzebuurger Wäikinnigin, déi zwee Joar regéiert huet, war et fir hatt awer keen einfach Zäit, well all déi flott Optrëtter, wou hatt is Region an ise goude Lëtzebuurger Produit mat Charme vertrueden hätt, waren ofgesot. Lo iwwehëlt d'Lee Risch, mat seine Prinzessinnen den 10. September d'Roll vun der Ambassadrice vum Lëtzebuurger Wäibau fir dat nächst Joar. Och fir d'Lee Risch war et net einfach nach e Joar méi laang op dee groussen Dag waarden ze mussen. Dofir vu mir grouse Respekt fir d'Jessica an d'Lee fir hiren Engagement an hir Gedold.



Carole CLEMENS

Presidentin vum Comité des Fêtes vun der Stad Gréiwemaacher

E grouse Merci geet un d'Jessica Bastian fir sein professionell Optrëtter an de letzte 6 Joar am Déinst vun der Lëtzebuurger Musel. E ganz grouse Merci gëllt awer all ise Sponsoren a Frënn; hir Ënnerstëtzung garantéiert, datt is Fest op der Lëtzebuurger Musel weiderhi bestoe bleiwe kann.

Dës Weidere wëll ech awer net vergeessen, all de Leit Merci ze soen, déi sech un der Organisatioun an der Ausféierung vum Drauwen- a Wäifest bedeelegen. Dank hinne wäert och dat 71. Drauwen- a Wäifest e ganz besonnescht Fest ginn.

Ech hoffen, Dir huet Eech den 10., 11. an 12. September all am Kalenner reservéiert a mir gesinn is um 71. Drauwen- a Wäifest. Programm-Detailer, fannt Dir, wéi ëmmer, op isem Site www.cfg.events oder op ise Facebook an Instragram Säiten. Mir freeën is, fir mat Eech zesummen ze feieren!

Prost op déi 71. Lëtzebuurger Wäikinnigin!

Prost op dat 71. Drauwen- a Wäifest!